N°14
Entrée le 10.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 13.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Michel WOLTER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

D'Coronapandemie huet eis an der Gesellschaft villes iwwer Gestë bäibruecht, déi jiddereen ënnerhuele kann, fir Infektiounskrankheeten auszebremsen. Ee wichtegen Aspekt dovunner ass sécherlech d'reegelméissegt Botzen an Desinfizéieren. Wärend der Covid-Pandemie konnt ee feststellen, dass d'Busser an d'Zich am ëffentlechen Transport ronderëm d'Auer propper waren an dass permanent d'Disponibilitéit vun Desinfizéierungsmëttel garantéiert war. Dat war virun der Coronapandemie net ëmmer de Fall an ass och haut, wann een a verschidden Zuch- oder Buslinnen ënnerwee ass, net méi de Fall.

An den Äntwerten op déi parlamentaresch Froen n°2083 an 2285 hat de Mobilitéitsminister Auskonft doriwwer ginn, wéi Desinfizéierung vum Fuermaterial am ëffentlechen Transport säit dem Ausbroch vun der Coronapandemie assuréiert gëtt a wat dat zousätzlech géif kaschten.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Op d'Joren 2019 bis 2023 gekuckt, opgelëscht no Joer, wéi vill Sue ginn all Joer fir d'Botze vun den Zich a Busser bei den CFL ausginn?

2. Wéi oft ginn d'Sëtzplazen am ëffentlechen Transport, bei Bus an Zuch, pro Woch gebotzt an eventuell och desinfizéiert?

3. Wéi vill Aarbechtsopwand- a stonne brauch et am Duerchschnëtt fir ee Bus oder ee Waggon bei den CFL ze botzen?

4. Wéi eng intern Servicer an extern Sociéitéiten këmmeren sech bei den CFL dorëms, dass d'Propretéit am Bus oder Wagon garantéiert ass? Wéi vill Persounen sinn hei, opgedeelt no CFL-intern an externe Sociétéiten, aktiv?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten

N°14
Entrée le 07.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 14 vum 10. November 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Op d'Joren 2019 bis 2023 gekuckt, belafen sech d'Ausgaben fir d'Botzen vun den Zich a Busser bei der CFL op déi folgend Montanten (€):

| Joer | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 | 2023 (bis Oktober) |
|---|---|---|---|---|---|
| Bus | 53 975 | 172 790 | 187 361 | 104 550 | 87 957 |
| Zuch | 4 090 362 | 4 527 680 | 4 499 522 | 3 793 889 | 3 797 407 |
| Total | 4 144 337 | 4 700 470 | 4 686 883 | 3 898 439 | 3 885 364 |

Déi méi héich Zuelen an de Joren 2020 an 2021 sinn op d'Tatsaach zeréckzeféieren, dass wärend der Pandemie vum Covid-19 méi Desinfektioun-Produite benotzt goufen.

Niewent de regelméissege Propretéitskontrollen an eidel maachen vun de Poubellen, ginn d'Sëtzplazen an den CFL-Busser all 14 Deeg mam Staubsauger ofgesaugt an all 6 Méint mat engem speziellen Extraktiouns-Nassstaubsager ofgesaugt.

Beim Zuchmaterial gëtt all Dag eng Sicht-Prüfung gemaach a bei Bedarf gebotzt. A Funktioun vum Trafic, gi systematesch Sëtzplazen all Woch oder all zweet Woch gestaubsaugt. 5 mol am Joer ginn d'Sëtzer am Fong gemaach, also naass opgebotzt. Vu Moies 6 Auer bis Mëtternuecht ginn och all Dag bei deenen Zich mat méi engem laangen Openthalt an der Gare Lëtzebuerg, esou vill ewéi méiglech, d'Kontaktpunkte gebotzt.

Betreffend den Aarbechtsopwand an d'Zäit, brauch een fir ee CFL-Bus vun 12 Meter an ee CFL-Bus vun 13,7 Meter ongeféier 55 Minutten. Fir ee grousse CFL-Bus vun 15 Meter oder ee CFL-Gelenkwoon vun 18,75 Meter brauch een ongeféier 1h15. All 6 Meint gëtt bei der CFL eng grouss Botz gemaach, do gëtt alles ofgewäsch an déi dauert tëschent 3h30 – 4h30 je no Bustyp.

Beim Zuchmaterial versteet een als Waggon eng Unitéit déi +/- 27 Meter huet, dementspriechend besteet eng Automotrice aus 3 Unitéiten. D’Zäiten kënnen je no Typ vum Gefier a Botzoperatioun variéieren, woubäi d’Botzdauer sech dann tëschent 10-15 Minutten (all Dag) an tëschent 75-90 Minutten (1x pro Joer) beleeft.

Beim CFL-Busbetrib kommen all Dag 3-4 Leit vun enger externer Botzfirma an den Asaz.

Beim Zuchmaterial këmmert sech den CFL-Service Nettoyage mat 10 ETP’en (Equivalent Temps Plein) ëm d‘Baussenwäsch vun de Gefierer an d’Koordinatioun vun der externer Botzfirma. Fir d’Bannenbotz vun den CFL-Gefierer ass eng extern Botzfirma beoptraagt, déi, fir kënnen hirer Missioun nozekommen, ca. 65 Persoune brauch.

Lëtzebuerg, de 7. Dezember 2023.

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes